Wëllplanzesom®
Lëtzebuerg

# E Mier aus Bléie mat de LUX-Mëschungen

## Mëtt August bis September ass et nees Zäit fir unzeséien!

Fir d'Biodiversitéit ze ënnerstëtzen ass eng qualitativ héichwäerteg Geseemsmëschung mat Wëllplanzen aus eiser Regioun gëeegent. Den Naturschutzsyndikat SICONA an den Naturmusée schaffen zanter e puer Joer zesumme mat weidere Partner um Opbau vun enger Lëtzebuerger Someproduktioun vu Wëllplanzen. Lëtzebuerger Bauere produzéieren dat zertifizéiert Geseems vun heemesche Wëllplanzenaarten op hire Felder. D'Planze ginn no ökologesche Krittären ugebaut, de Som gëtt recoltéiert an d'Firma Rieger-Hofmann stellt d'Geseems dann zu verschiddene Wëllplanzemëschunge fir Lëtzebuerg zesummen.

Jiderengem, deen eng Blummewiss bei sech doheem am Gaart oder op ëffentleche Gréngflächen uleeë wëll, recommandéiere mir d'LUX-Mëschunge vum *Wëllplanzesom Lëtzebuerg*. Dës Mëschungen enthalen nëmmen Aarten, déi zu Lëtzebuerg natierlech virkommen a wichteg Fudderplanze fir eis heemesch Päiperleken an aner Insekte sinn. Den Ubau an d'Vermaartung vum Lëtzebuerger Wëllplanzegeseems gëtt an all senge Produktiounsofschnëtt no strenge Krittäre kontrolléiert. Ee Qualitéitssigel bestätegt transparent déi regional Hierkonft vum Wëllplanzegeseems.

## Wou kann ee LUX-Mëschunge kafen?

Fir Flächen am Siidlungsraum vu 25–50 m² kennen 100 g Tute vun den dräi Mëschunge LUX-Blumenwiese, LUX-Schotterrasen a LUX-Bunter Saum & Schmetterlingspflanzen bei folgende Partner an Ärer Ëmgéigend kaaft ginn:

- Angelduerf, Barenbrug Luxemburg
- Bartreng, a.c.i.e.r. Luxembourg
- Bartreng, co-labor
- Colmer-Bierg, De Verband V Shop
- Diddeleng, Fondation Kräizbierg
- Kockelscheier, Haus vun der Natur
- Léiweng, De Verband V Shop
- Lëtzebuerg, Ëmweltberodung Lëtzebuerg
- Lëtzebuerg, Oekozenter Pafendall
- Lëtzebuerg, Shop vum 'natur musée'
- Ollem, Naturschutzsyndikat SICONA
- Réiden op der Atert, Op der Schock
- Réiden op der Atert, Waasserhaus
- Steesel, Bamschoul Becker
- Useldeng, Tourist Info Wëlle Westen




Weider Verkafsplazen a vill zousätzlech Informatiounen zum *Wëllplanzesom Lëtzebuerg* fannt Dir op: www.wellplanzen.lu.

All d'LUX-Mëschunge kënnen och a gréissere Quantitéite bei der Firma Barenbrug zu Angelduerf oder online am Web-Shop vun der Firma Rieger-Hofmann (www.rieger-hofmann.de) ënnert „Mischungen für Luxemburg" kaaft ginn.

**Fir déi richteg LUX-Mëschung auszewielen, berode mir Iech gären.**

Naturschutzsyndikat SICONA
12, rue de Capellen L-8393 Olm
T : (+352) 26 30 36 25
E : administration@sicona.lu



Dir wëllt d' *Wëllplanzesom Lëtzebuerg*-Geseems kenneléieren? Dann huet Dir elo d'Méiglechkeet bei eis an der Gemeng eng kleng Titche mat Geseems fir 1 m² sichen ze kommen (d'Quantitéit ass begrenzt). Dëst Geseems kennt Dir an Ärem Gaart séien an Iech un de faarwege Bléien erfreeën.

Zertifiziertes Wildpflanzensaatgut
Wëllplanzesom®
Lëtzebuerg
Betriebs-Nr. 22 1 001 – Kontrollstelle ABCERT

Dir erkennt *Wëllplanzesom Lëtzebuerg*-zertifizéiert Geseems um Qualitéitssigel.



Eng Bléisträif, déi mat der Mëschung LUX-Bunter Saum ugeséint ginn ass.



E Feld op deem de Gewéinleche Knuef (*Echium vulgare*) am Kader vum *Wëllplanzesom Lëtzebuerg* ugebaut gëtt fir d'Geseems ze produzéieren. D'Geseems gëtt duerno an d'LUX-Mëschungen ageschafft.